

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. Gusty Graas), Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. André Bauler), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par Mme Barbara Agostino) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten (par Mme Cécile Hemmen), Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par Mme Simone Asselborn-Bintz) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

3. 8213 – Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'une maison de soins pour personnes âgées à Rumelange

Den nächste Punkt um Ordre du jour vun de Mëtten ass de Projet de loi 8213 iwwert déi staatlech Finanzéierung vum Altersheem zu Rémeleng. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An de Rapporten vun dësem Projet de loi ass den honorabelen Här Claude Lamberty. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration

M. Claude Lamberty (DP), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, duerch d'Promotioun vun engem gesonde Liewensstil a Fortschrëter am Beräich vun der Fleeg an awer och besonnesch vun der Medezinn geet d'Liewenserwaardung hei am Land an den Undeel vun der eelere Populatioun generell ëmmer méi an Luucht. Dat ass u sech eng ganz positiv Saach, déi natierlech awer och Erausforderunge fir d'Gesellschaft mat sech bréngt, ënner anerem, wat d'Betreiung an d'Personal, wat gebraucht gëtt, an och wat d'Strukturen, déi néideg si fir déi eeler Leit, betrëfft.

2022 hunn zu Lëtzebuerg ronn 95.000 Persounen iwwer 65 Joer gelieft, wat zirka 15 % vun der gesamter Bevëlkerung entsprécht. D'Liewenserwaardung bei de Fraen, déi louch deen Ament bei 84,8 Joer an déi vun der männlecher Populatioun bei 80,3 Joer. D'Unzuel u Senioren am Land ass an de leschte Joerzénge ëmmer méi grouss ginn an deen Trend wäert sech – duerch déi virdru erwäante Fortschrëter – och weider verstärken.

Dann dierf een och net vergiessen, dass e weidere Grond fir déi grouss Hausse sécherlech och op d'Zäit vun de sougenannte „Babyboom-Joren“ zrëckzeféieren ass: An de 50er- a 60er-Jore koumen, wéi den Numm et scho seet, immens vill Mënschen op d'Welt, déi elo quasi all am Pensiounsalter ukomm sinn oder ënnerwee dohinner sinn. De Projektioun vum der Sécurité sociale no kéint bis 2060 den Niveau vun 200.000 Leit iwwer 65 Joer a méi hei am Land erreecht ginn.

D'Liewenserwaardung an de Wuesstem vun der eeleren Populatioun si wichteg Facteuren, fir de Besoin un neie Servicer an och Strukture fir Senioren ze

anticipéieren. Als Politick musse mer derfir suergen, dass all Persoun, déi vun den Alters- a Fleegegeservicer wëll profitéieren, och Accès dorobber huet, sief dat aus finanzieller Hisiicht, andeems mer garantéieren, dass all Mënsch sech e Bett an enger Struktur fir eeler Leit ka leeschten, oder och aus dem méi pragmatesche Bléckwénkel, andeems mer kucken, dass genuch Better insgesamt zur Verfügung stinn.

Wat de finanziellen Accès betrëfft, wëll ech op dëser Plaz nach eng Kéier rappeléieren, dass d'Reform vum sougenannten „Accueil gérontologique“ um Instanzewe ass, mat där mer eng finanziell Hëllef aféiere fir Leit, déi sech kee Bett an engem Heem kënne leeschten.

Wat elo d'Unzuel u Better betrëfft, huet d'Regierung an der leschter Zäit schonn opgestockt a wäert och an Zukunft weider an den Ausbau vun den aktuelle Strukturen respektiv an de Bau vun neien Alters- a Fleegeheemer investéieren. Dobäi muss ee wëssen: De Moment gëtt et zu Lëtzebuerg ronn 6.600 Better, déi opgedeelt sinn op 53 Strukturen.

Net nëmmen d'Unzuel, mee och de Profil vun de Residenten an den Alters- a Fleegeheemer huet sech iwwert déi lescht Joren nawell staark verännert. Déi eeler Leit, déi waarden hautdesdaags ëmmer méi laang, bis se sech an eng Struktur beginn, a gräife léiwer op d'Hëllef vun entweder Familljememberen oder och op extern Hëllef vu Soins à domicile zréck. Säit der Aféierung vun der Assurance dépendance am Joer 1999 huet d'Politick sech och kloer fir de Maintien à domicile ausgeschwat, well mir einfach wëssen, dass d'Leit sech ganz oft am wuelsten doheim an de véier eegene Wänn, an hirem gewinnnten Ëmfeld fillen.

Déi meescht eeler Leit ginn hautdesdaags deemno eréischt an en Alters- oder Fleegeheem, wann se méi intensiv Soine brauche respektiv hir Gesondheet et einfach net méi zouléisst, eleng kënnen doheemzubleiwen. Effektiv hunn zejoert 60 % vun de Beneficiairë vun der Assurance dépendance bei sech doheim gewunnt a just 40 % hunn an enger Struktur gewunnt.

En gros gesi mer dräi Facteuren, déi sech bei de Bewunner vun den Altersstrukture geännert hunn: engersäits eng Hausse vun der Altersmoyenne an eng Degradatioun vum Gesondheitszoustand dee Moment, wou d'Aschreiwung an der Struktur stattfënn, an anerersäits och eng méi kuerz Durée de séjour. Generell sinn 30 % vun de Seniore manner wéi ee Joer laang an engem Alters- oder Fleegeheem ageschriwwen. Zejoert louch d'Altersmoyenne bei 83 Joer an d'Hallschent vun de Residentë waren iwwer 86 Joer.

Mat der Hausse vun der Altersmoyenne klëmmt och d'Prévalenz vu verschiddene Krankheeten, déi am Zesummenhang mam héijen Alter stinn, zum Beispill Diabetes, Demenz, Kriibszorten, awer och verschiddene Zorte vun Handicappen, wéi zum Beispill de Verloscht vum Gehéier oder och vun der Siicht. Et ass dofir wichteg, dass mir engersäits modern Altersstrukturen hunn, déi de Besoin vun den eelere Leit gerecht ginn, an anerersäits och genuch qualifizéiert Personal, fir de Bewunner héichwäerteg Soine kënnen ze offéieren.

Léif Kolleegen a Kolleeginnen, mam virleiede Gesetzesprojekt schafe mer eng legal Basis fir de Finanzement vun engem neie Fleegeheem zu Rémeleng. Konkreet geet et drëms, dass aalt Gebai ofzerappen an duerch eng méi modern Struktur ze ersetzen. 120 nei Better wäerten entstoen a wäerte vu SERVIOIR geréiert ginn. Fir d'Konstruktioun vum neie Fleegeheem ass e Budget vun ronn 600 Milliounen Euro (veuillez lire: 66 Milliounen Euro) virgesinn, an deen ënnerlaid deemno dem Artikel 99 vun der Verfassung, dee virgesäit, dass all staatlech Depense iwwer engem Plaffong vu 40 Milliounen muss gesetzlech autoriséiert ginn.

Déi nei Struktur soll souwuel fir eeler Leit ausgeriicht sinn, déi reegelméisseg an och intensiv Soine brauchen, wéi och fir Senioren, déi nach méi autonom sinn a just punktuell a vereenzelt Ënnerstëtzung brauchen. Et wäert souwuel privat Beräicher ginn, déi aleng fir d'Residentë reservéiert sinn, wéi awer och Raim, déi gemeinsam souwuel vun de Bewunner wéi och vum Personal an och vun de Visiteure kënne genotzt ginn.

Nieft der Privatsphär vun de Seniore gëtt nämlech och vill Wäert op de soziale Kontakt an och de Austausch geluecht, deen, wéi mer alleguerter wëssen, ausschlaggebend – oder mat ausschlaggebend – fir d'Wuefbefanne vun net just den eelere Leit, mee awer och besonnesch vun den eelere Leit ass. D'Residentë solle sech zu all Zäit doheim fillen, sech gutt versuerge an encadréiert spieren, ma och – an dat ass, mengen ech, ganz wichteg – weider e groussen Deel un Autonomie behalen.

Wéi an all den anere Strukture vu SERVIOIR wäerten och zu Rémeleng reegelméisseg Aktivitéite fir d'Senioren organiséiert ginn, als Beispill: Thés dansants, Spillowenter oder Ausfluch. Wat d'Restauratioun betrëfft, wäert sur place gekacht ginn an d'Essen entweder am Restaurant vum Heem oder och op Wonsch am Zëmmer kënnen zerwéiert ginn. Natierlech gëtt heibäi ganz vill Wäert op eng ausgeglichen, gesond an och altersgerecht Ernährung geluecht. SERVIOIR engagéiert sech ausserdeem dozou, en exzellente Rapport Qualité-Prix ze offéieren a sou vill wéi méiglech lokal Produiten ze benotzen.

Nieft dem Hebergement, der Restauratioun an der Animiatioun kënnen d'Residenten awer natierlech och vun enger Rei vu Gesondheits- respektiv Wellnessservicer profitéieren, wéi vun engem Kiné, engem Ernährungsberater, engem Ergothérapeut oder och ganz einfach engem Coiffeur.

De Projet de loi, wéi e virläit, gouf den 11. Mee 2023 offiziell deposéiert, den 8. Juni an d'Familljekommissioun iwwerginn, den 13. Juni koum den Avis vum Staatsrot, den 30. Juni gouf ech zum Rapporten ernannt an de 4. Juli gouf de Rapport an der Kommissioun gestëmmt.

Fir all Detailler verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport an ech ginn heimadder den Accord vun der DP-Fraktioun.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools dem Här Rapporten Claude Lamberty.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz agedroen. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marc Spautz (CSV) | Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'alleréischt e grouse Merci un de Président-rapporteur, dee sech ganz séier an de Sujet ageschafft huet, well viru 14 Deeg oder dräi Woche wosst en nach net, wat dat fir e Projet wier. Dofir merci Här Lamberty fir Är exzellente Ausféierungen.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Altersheim vu Rémeleng – ech erlabe mer, dat hei ze soen, wat och vill Leit am Minett wäerte soen: „Ma endlech!“ Well d'Geschicht vum Altersheim vu Rémeleng geet ganz wäit zeréck. Et ass schonn deemools, wéi d'Haiser aus der Santé an aus der Famille zesummegeleuecht gi sinn ..., déi méi stänneg Kolleegen heibannen, déi wëssen dat, dass et virdru bei deenen engen d'Fleegeheimer gi sinn a bei deenen aneren d'Altersheimer gi sinn an dass duerno déi Zesummeleueung komm ass, wat och plazeweis erkläert, firwat bei deenen engen ëmmer d'Toiletten um Zëmmer waren a bei deenen aneren net, dass dat och nach dorop zeréckgeet, dass dat virun allem d'Haiser aus der Santé waren, déi virun allem Fleegeheimer waren, wou virun

allem bettlägereg Persoune waren, wou dat net de Fall war. An op der anerer Säit waren et Leit, déi awer nach an engem relativ gudden Zoustand waren an net direkt op Fleg ugewise waren, déi an den anere Strukturen gewunnt hunn.

Fir d'Altersheim vu Rémeleng ass den éischte Startschoss 2002 gewiescht, wou déi éischte Kéier gesot ginn ass, dass eppes misst geschéien an dass do och verschidden Aarbechte schonn ausgefouert gi sinn – ob dat d'Planung ubelaangt, ob dat ubelaangt, a wat fir enger Form een dat kéint an d'Rei bréngen. An duerno sinn d'Problemer lassgaangen, virun allem mat Proprietätsverhältnissen, virun allem, well do och Haiser waren, wou och plazeweis Meenungsverschiddenheete waren. Haut muss een „INPA“ soen, déi Zäit huet et „Sites et Monuments“ geheescht, déi Problemer hate mat verschiddenen Haiser a mat verschiddene Strukturen.

2013 war et dann deemools endlech esou wäit an et ass déi éischt Konventioun ënnerschrifft ginn, an et war eng Konventioun ..., an den Här Rapporteur huet et gesot: Elo schwätze mer vu 66 Milliounen, deemools hu mer vun 22 Milliounen geschwat. Dat war 2013, dat ass keng 20 Joer hier. Wann Der alleguerten dat wësst, dat ass zéng Joer hier, wéi do de Präis vun 2013 op 2023 sech entwéckelt huet ... A well ech och nach mat enger anerer Kap heiansdo ënnerwee sinn, weess ech, dass ganz oft dat, wat een do kritt als Devisen, dass een dat awer ... a wann dat dräi bis véier Joer dauert, dass et meeschtens dann och nach zu Depassemente kënnt no deene véier Joer. A mir wësse jo alleguerten net, wéi d'Baupräsentwécklung wäert virugoen oder net, dofir géif ech och nach net soen, dass dat den definitive Präis wier.

Et muss ee wëssen, dass mer déi Haiser brauchen an et ass och wichteg, dass mer doran investéieren an dass mer jo kënne soen, nodeem och scho Schwierigkeete ware beim Déifferdenger Haus, dat opgaangen ass d'léisch Joer, dass, wann elo dat Rémelenger géif an d'Rei gemaach ginn an en neit Rémelenger Haus do steet, dann och déi Rémelenger, en Deel vun de Rémelenger, vläicht erëm kënne zréck op Rémeleng, well déi si jo de Moment zu Déifferdeng „zwëschegelegert“.

(Interruption)

Déi eng wäerte sécher gären dobleiwen, déi aner si frou, wa se kënne zeréckkommen, duerfir mengen ech, dass et awer och wichteg ass als Chamber, dass mer der Konventioun eis Zoustëmmung ginn.

Wann een d'Entwécklung kuckt vun eisen eelere Leit hei am Land, muss ee wëssen: D'Leit ginn ëmmer méi al, d'Leit sinn ëmmer méi oft a vill besserem Zoustand, wéi dat virdu war. A wann een och d'Moyenne vun deene Leit gesäit, déi an den Haiser sinn, gesäit een, dass déi erofgeet, wat d'Durée ubelaangt am Verglach zu fréier. Dat heescht, dass d'Leit vill méi spët eng Demande maachen, fir an Alterstrukturen ze kommen an och doduerch da vill méi kuerz och dra sinn. Dat huet och mat der performanter Medezinn ze dinn, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, an dat huet och domat ze dinn, dass mer performant Reseauen hunn, wat de Leit d'Méiglechkeet gëtt, sou laang wéi méiglech kënne op de jeeweilige Plazen ze bleiwen.

An ech mengen, dass et dofir och gutt, richtig a wichteg ass, dass mer deem Gesetz hei alleguerten d'Zoustëmmung ginn. D'CSV wäert dat maachen, mee mer hunn nach e puer Froen un de Minister, well ech hat e schonn an der Kommissioun eng Kéier gefrot, ob et dann och elo keng – wéi soll ech dat nennen? – bautechnesch Hürde gëtt. Nee, „bautechnesch“ ass dat falscht Wuert, mee ob et planungstechnesch keng Schwierigkeete gëtt, well nämlech och gewosst war, dass, wat de PAG vun der Gemeng Rémeleng

ubelaangt, do och nach verschidde Biotope waren, wou och deemools vun der Forstverwaltung – haut heescht se jo net méi esou, mee déi Zäit huet se „Forstverwaltung“ geheescht – festgestallt ginn ass, dass sech do och e Biotoop op där Plaz géif befannen, wou lo den Neibau vum Haus hikënt.

En ass zwar op der besteeënder Plaz, mee en huet awer e ganz aneren Terrainafloss. Ech hat d'Chance, nach mat der fréierer Familljeministesch present ze sinn, wéi de Projet zu Rémeleng presentéiert ginn ass. Dofir weess ech dat och nach an ech mengen, dass et och wichteg ass, dass déi Hürden alleguerten ..., net nëmme, dass mer elo de Feu vert gi fir déi finanztechnesch ..., doduerch, dass mer de Projet hei stëmmen, dass da SERVIROR kann an d'Attack goen, mee dass et och wichteg ass, dass dat, wat de PAG ubelaangt, och alles an der Rei ass. Net dass mer, wa mer hei bis de Feu vert gestëmmt hu mat engem Gesetz, dann nach eng Kéier bei aneren administrativen Hürde wäerte sinn.

An dat gesot, wëll ech soen, dass ech frou sinn, dass mer zu dem Vott vun dësem Gesetz kommen. Ech hätt léiwer gehat, et wär schonn éischter gaangen, mee ech weess awer och d'Ursachen, wéi et dozou komm ass, an ech ginn nach eng Kéier, wéi gesot, d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet. Villmools merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools Här Spautz, an ech géif nach eng Kéier d'Wuert zeréckginn un den Här Rapporteur Claude Lamberty fir eng Richtegstellung.

M. Claude Lamberty (DP), rapporteur | Just ganz kuerz. Ech gouf drop opmierksam gemaach, dass ech de Bau e bësse méi deier gemaach hat. Ech hat op der Chambertribün vu „600 Milliounen“ geschwat.

(Interruptions)

Et war och kengem opgefall ausser dem Minister. Hien huet gesot: „Kuck nach eng Kéier no!“ Et sinn natierlech 66 Milliounen! Do gesäit een: Ier e Minister war, war e President vun der Kommissioun; hien huet gutt nogelachschtert.

Une voix | Et war just eng Null!

M. Claude Lamberty (DP), rapporteur | Ech wollt dat nach eng Kéier prezisiéieren: 66 Milliounen wäert dat Ganzt kaschten, ronn. Dofir, et ass awer, mengen ech, wichteg, dass een dat och richtegstellt.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Lamberty, fir déi Richtegstellung. An da geet d'Wuert un déi honorabel Madamm Simone Asselborn-Bintz.

Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP) | Merci, Här President. Et ass gutt, dass Der dat elo gesot hutt, Här Lamberty, well ech wollt mech elo hei enthalen, mee da brauch ech dat dann net ze maachen.

(Hilarité)

Bei esou engem Präis ...

(Hilarité)

Mee op jidde Fall, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt emol Merci dem Här Lamberty fir säin ausféierleche schrëftlechen an och mëndleche Rapport.

Wéi mer am Exposé des motifs vum Projet de loi gellies hunn an och wéi mer virdrun elo schonn héieren hunn, geet den Undeel vun der Populatioun, déi iwwer 65 Joer al ass, kontinuierlech weider erop. 2022 hunn d'Leit iwwer 65 bal 15 % vun der Bevëlkerung ausgemach, a bei deenen 80+ sinn et der iwwer 30 %. An déi demografesch Entwécklung weist ganz kloer a Richtung vun enger weiderer Erhéijung.

Logescherweis geet och d'Populatioun, déi vun der Fleegeversécherung profitéiert, weider an d'Luucht. Déi meescht vun den eelere Leit bleiwen esou laang wéi méiglech doheim wunnen. Déi profitéiere vum Maintien à domicile; wat mir och nëmme ënnerstëtze kënne. Bei de Residenten an de Strukturen fir eelere Leit geet iwwerdeems den Altersduerschchnitt an hiren Onofhängegkeetsgrad ..., nee, net „Onofhängegkeet“, hiren Ofhängegkeetsgrad – dat ass e bëssen eppes anescht! – an de Besoin u Fleg och erop.

All dës Ëmstänn maachen, dass mir als Politick an als Gesellschaft gefuerdert sinn a generell weider Efforte maache mussen, fir dass déi eelere a flegebedürfteg Leit an optimalen an eierbaren Ëmstänn kënne liewen, wunnen an och versuergt ginn. Dat heescht, dass mer musse méi Plazen a méi Strukturen schafen an dass mer och aner Strukturen solle schafen: Alternativen zu engersäits Doheim an och anerersäits engem Alters- oder Fleegeheim.

Fir e Fleegeheim bedeit esou eng demografesch Entwécklung an de Fait, dass d'Leit ëmmer méi spët dohinner wunne ginn, awer och, dass d'Ufuerderungen un d'Personal, d'Struktur, d'Gebai an och den Ekipement sech verännert hunn a sech nach weider verännere. Dat heescht, dass och bei der Qualitéit Verbesserungen néideg sinn, fir dass déi eelere Mënschen ënner adequate Konditione dezent kënne liewen. An do kënnt jo dann och geschwënn nach an anere Projet de loi iwwert d'Qualitéit vun eelere Leit an de Strukturen.

Dat neit Fleegeheim vu Rémeleng elo, iwwert dat mer hei diskutéieren an ofstëmmen, wäert an deem Sënn enorm Verbesserungen bréngen, virun allem fir d'Residenten, am Sënn vu méi Komfort, méi Privatsphär, méi Funktionalitéit a Bequemlechkeet, grad awer och méi Frëndlechkeet a Liewensqualitéit, wat d'Gebai an d'Alentouren ugeet. Och fir d'Personal hëllefen adaptéiert a gutt Gebailechkeete bei hirer Aarbecht. An natierlech och de Famillje vun de Residenten a soss de Visiteure kënnt dat alles zegutt.

Dat neit Fleegeheim vu Rémeleng fällt awer op jidde Fall och ënner d'Kategorie: „Was lange währt, wird endlich gut.“ Mengen Informatiounen no – an den Här Spautz huet dat virdrun och scho gesot – ass dat heite jo schonn e Projet vu méi wéi 20 Joer, wou eng nei Struktur zu Rémeleng geplangt sollt ginn. Zweek verschidde Pape goufe gemaach an de Projet ass souguer e puermol iwwerschaft ginn. Et sollt jo ursprüngelech a Phase geplangt ginn an och dat aalt Gebai a Phasen ofgerappt ginn, wat jo dann, wéi mer wëssen, net méi de Fall ass.

D'Stad Rémeleng hat et och net ëmmer einfach. Si krut heiansdo Steng an de Wee geluecht, obschonn si ëmmer bereet war, dem Staat ze hëllefen, en neit Altersheim ze bauen. Schon 1950 huet den deemolege Buergermeeschter Henri Lück mat der Gemeng dem Staat all d'Terraine gratis zur Verfügung gestallt. An och elo méi rezent huet d'Gemeng nach eng 12 Ar gratis u SERVIROR ginn. An d'Gemeng huet och scho virun 20 Joer fir e Lotissement an der Géigend eng Kogeneratioun gebaut mat genuch Power, wou sech dann elo och SERVIROR kann uschlëssen.

No e bëssen hin an hier sinn dann déi Haiser – déi deemoleg Kulturministesch wollt se jo op déi Liste supplémentaire setzen – dach awer erëm erofgehol ginn, well den Accord fir ofzerappen och schonn do war.

Mee eréischt – an dat wësse mer alleguer – am Oktober 2021 ass den Appel de candidature fir eng nei Mission d'architecte gemaach ginn. A SERVIROR krut endlech am Februar dëst Joer och d'Autorisatioun, fir Beem ewechzehuelen. A säitdem konnt dann dunn ofgerappt ginn an ugefaange ginn.

D'Residenten hunn en neit Iwwergangsdohem zu Déifferdeng fonnt a freeë sech mat eis all, no laangem Hin an Hier, dass dann endlech Neel mat Käpp gemaach ginn a Rëmeleng eng nei adequat Struktur fir eeler Leit kritt, déi den haitegen Ufuerderungen an Normen entsprécht an den eelere Leit, dem Personal an de Visiteuren déi beschtméiglech Konditiounen bitt. Doriwwer si mir als LSAP och ganz frou.

Ech ginn heimadder ganz gär den Accord vu menger Fraktioun an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Mammad Asselborn-Bintz. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

M. Charles Margue (déi gréng) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, merci dem neie President vun der Kommissioun, dem Rapporteur Claude Lamberty, fir de schréfftleche Rapport a virun allem seng mëndleche Ausféierungen. Hien huet eis den neie Projet zu Rëmeleng beschriwwen. An als Gréng si mer och frou, dass elo endlech zu Rëmeleng – wéi sot meng Virgängerin et? – Käpp mat Neel an dësem Dossier gemaach ginn.

Plusieurs voix | Neel mat Käpp!

M. Charles Margue (déi gréng) | Neel mat Käpp.

(Hilarité)

Dat ass deen typesche Lapsus, pardon.

(Interruptions et hilarité)

Mir Gréng ginn och eisen Accord fir dëse Gesetzesprojet. Fir dass ech dat net vergiessen, wëll ech dat direkt kloerstellen.

Dëst Altersheem ass e gudden Investissement, well mer et brauchen a well et e gudden Projet ass. An och weider Planunge vun Altersheemer respektiv Renovéierung vum de besteeënde si gutt, well och noutweneg.

Wa mer vun Altersheemer schwätzen, da schwätze mer jo de facto vun engem Deel vun den eelere Matmënschen an eiser Gesellschaft. Well net jiddweree verbréngt seng lescht Joren an engem Altersheem. Erlaabt mer och, haut zum Thema Altersversuergung oder Versuergung vun de Senioren e puer grondleeënd Iwwerleeungen aus grénge Siicht ze maachen.

Zënter den 90er-Joren ass zu Lëtzebuerg munches geschitt an et gëtt vill Angeboter, fir den Iwwergang aus dem Berufsliewe besser ze meeschten an eng mat Sënn a Freed gefüllten Zäit ze erliewen, ier et da vläicht an d'Altersheim geet.

Wa mer eis d'Resultater vun der Vollekszielung vum 8. November 2021 ukucken, da stelle mer fest, dass eis Bevëlkerung engersäits wisst, awer zur selwechter Zäit och ëmmer méi al gëtt, also den Undeel vun der Bevëlkerung vun deenen, déi al sinn, méi grouss gëtt. Mir „vereezen“, fir dat mat engem net ganz schéine Wuert ze soen.

D'Offer fir Senioren ass an de leschte Joerzénge wierklech staark ausgebaut ginn: Club Senior, Dagesfoyer uechter d'Land, nei a renovéiert Altersheimer a spezifesche Heemer, wéi zum Beispill fir eis Alzheimerkrank Matbierger. A via flächendeckend Reseauen, fir d'Leit doheim ze versuergen, hu mer och de Maintien à domicile – ech sot ech schonn hei eng Kéier – quasi zum Lëtzebuurger Modell gemaach; natierlech erméiglecht duerch d'Auféierung vun der Fleegeversuergung. Mee dëse Modell, charakteriséiert duerch esou laang wéi méiglecht Doheemleiweng engersäits an anerersäits eréischt am héijen Alter an d'Altersheim goen – de

Rapporteur huet gesot, wéi kuerz déi Zäit dann ass a wéi gebriechlech d'Leit sinn –, ass en neie Phenomeen.

Dëse Modell stéisst u seng Grenzen. An déi Grenze sinn d'Isolatioun vun den eelere Matbierger bei sech doheim – „Alterseinsamkeit“ op Däitsch, Elengsinn –, wat fir déi psychesch a physisch Gesondheet ka geféierlech ginn. Dat psychesch Wuelbefanne kann zur Katastroph ginn: wéineg Kontakter, wéineg Stimulatioun, ëmmer manner Liewensloscht a Freed.

Vill vun deenen eelere Matbierger liewen oft eleng. Respektiv wann de Mann oder d'Fra gestuerwen ass, si se dann an enger Situatioun, wou se net richtig drop virbereet waren. Si liewen also eleng oder zu zwee a Wunnengen, déi hire Besoinen net méi entsprechen: ze grouss, net altersgerecht, oft richtig deier am Ënnerhalt fir eeben eng bis zwou Persounen. An anere Wieder: Wann déi eege Wunneng net méi ugepasst ass respektiv zur Laascht gëtt. An, by the way, dee Wunnumraum steet net zur Verfügung fir méi grouss Stéit.

déi gréng proposéieren, aus där Fal erauszekommen. Dës Situatioun erfuerdert – an dat hu mer an deene leschte Joren alleguerten net genuch gemaach – nei Modelle, fir dass mer déi eelere Matbierger weider abannen an dat gesellschaftlecht liewen. An ech wëll och hei eng Lanz brieche fir d'Familljen an déi ronderëm, fir dass déi eeler Leit och manner op hir Famill respektiv op aner „Aidanten“ – wéi et am Jargon heescht – ugewise sinn, déi sech ëm si suerge respektiv se versuergen. Da kënnt nämlech och de Punkt, wou den Drock ass, fir an d'Altersheim ze goen, vun der Famill, well si et net méi packen, well se schaffe ginn, hiren eegene Stot hunn an do no de Kanner an hire Léifste musse kucken. Dat féiert dann och zum schlechte Gewësse vun de Kanner, wa se da kucken, hir Elteren an engem Altersheim ënnerzekerien.

Dowéinst triede mir Gréng fir méi Méigeneratiounenhaiser an, wou d'Zesummeliewen ënner Generatiounen gestärkt gëtt. An deem Sënn ass och de Modell vun de Seniorenwunnengsgemeinschaften ze entwéckelen. Bëid Konzepter si komplementär a stellen eng Alternativ zu den aktuellen Altersheemer an änleche Strukturen duer respektiv ass et virun allem eng zousätzlech Offer. A béide Fäll kommen dann déi eeler Leit aus hirer sozialer Isolatioun eraus, si hunn eng lieweg Noperschaft, se liewen an engem Wunnquartier mat kuerze Weeër, wou et wa méiglech Geschäfte, Gesondheetsdëngschter, Restauranten a kulturell Offere gëtt, normalerweis och un den effentlechen Transport ugebonden, wa mer dës Wunnstrukturen an eisen Uertschaftskären usidelen.

Déi Leit kréien dann och altersgerecht Wunnengen, wou si weider an hirem eegenen Heem sinn, wa mer alles richtig maachen. An eventuell brauche se och net am héijen Alter an d'Altersheim ze goen oder an eng Struktur, wou se ronderëm d'Auer musse betreit ginn. Ech wënschen natierlech allen Awunner elo zu Rëmeleng frou a glécklech Sejouren, wa se bis do sinn, an och de Mataarbechter, dass se ideal Aarbechtskonditiounen kréien, fir dass se déi eeler Leit gutt kënnen betreiene. Ech huelen un, dass de Méipräis och warscheinlech doduerch kënnt, dass de Projet sech entwéckelt huet, wat d'Aarbechtskonditiounen, wat de Komfort fir jiddwereen ugeet.

Mir sollen awer all als politesch a gesellschaftlech Verantwortlech kuerzfristeg, Här Minister, Pilotwunnprojeten entwéckelen, fir dass mer aus där Fal Maintien à domicile versus Altersheim erauskommen. Dat ass eng Fro vu Liewensqualität, vu Wuelbefannen, an ech woen och ze soen, dass et och eng gutt Saach wier, fir eis Keess manner ze strapazéieren – ech denken do un Ären Noper, dee verantwortlech ass fir d'sozial Sécherheet hei am Land –, well, ech mengen, déi aktuell

Alternativen, souwuel Maintien à domicile wéi Altersheimer, sinn net déi bëllegst, fir net ze soen: déi deierst.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Margue. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

M. Fred Keup (ADR) | Villmools merci, Här President. Léif Kolleegen, ech well och ufänken an dem neie President, dem Rapporteur, Merci soe fir säi Rapport, deen en eis haut hei presentéiert huet. Wann Der als Fënnesten hei drukommt, dann hutt Der bei esou engem Projet, wou, mengen ech, elo kee wäert dergéint stëmmen a wou allgemeng Zoustëmmung ass, natierlech net méi vill Méiglechkeeten, eppes Neies ze erzielen. Dat wäert ech och elo net maachen an ech wäert och net all déi Saache elo widderhuelen, déi gesot gi sinn, déi wichteg sinn: al Leit, sech bekëmmern, sozialt Zesummeliewen an esou weider etc. Alles dat ass richtig an et ass scho gesot ginn an et kann een et nëmmen ënnerstëtzen.

Mee ech wëll vläicht profitéieren, fir eng aner Fro ze stellen, elo net nëmmen a Besuch op dat, wat Rëmeleng ugeet – do gëtt elo also eppes gebaut, e Fleegeheim, en Altersheem, dat ass eng gutt Saach, wéi gesot –, mee allgemeng kucken, wat hei am Land nach un Altersheemer an u Fleegeheemer felt – wéi vill? –, an och kucken, dass dat flächendeckend verdeelt ass – wou si vläicht Plazen, wou sou Heemer feelen?

An dann zum Schluss géif ech nach op dräi Saachen agoen, déi ganz wichteg sinn. Dat éischt, dat ass, dass mir ëmmer mussen derfir suergen, dass d'Qualitéit vun deenen Heemer esou gutt ass wéi méiglech: exzellent. Mir mussen derfir suergen, dass de Präis abordabel ass an net nëmme fir eng gewësse Schicht vu Leit do ass. A mir mussen derfir suergen, dass och Kontrolle stattfannen an deenen Heemer.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Keup. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Här President, dem Rapporteur e grouse Merci fir säi mëndlechen a schréfftleche Rapport. Interessant war och seng Ausso, dass ee Mesüre muss en place setzen, fir datt jidderee sech e Bett an esou engem Etablissement ka leeschten. Am Umkehrschluss heescht dat jo dann, datt net jidderee sech dat leeschte kann, sou wéi ech dat iwwerreges och a menger leschter Ried zu dësem Theema scho gesot hat. An zwar kënnen 77 % vun de Frae sech kee Bett leeschten a mussen dofir vum Fonds national de solidarité ënnerstëtzt ginn, wat immens wichteg ass, an da muss een nach kucken, wat se Rescht behalen ënnert dem Stréch, fir sech awer vläicht nach dat eent oder anert kënnen ze leeschten. An dofir muss mer dat onbedéngt op de Leescht huelen – dofir am Virfeld schonn e grouse Merci.

Am Virfeld sief och direkt gesot, dass mir dëst Gesetz selbstverständlech matstëmmen, well de Bau vun engem neien Alters- a Fleegeheim zu Rëmeleng längst iwwerfällg war. Dat bestoend Heem mat 70 Plazen aus dem Joer 1957 war iwwerholl an net méi un d'Uspréich un eng qualitativ héichwäerteg Betreuung vun eelere Mënsche mat ganz ënnerschiddleche Besoinen ugepasst. Den Neibau vun neien Heem ass scho laang gefuerdert an diskutéiert ginn. No laange Jore gëtt et elo endlech Realitéit, an dat ass och ganz gutt esou.

Wichtig fir eis ass, dass déi ëffentlech Offer un Hebergementer a Fleegeheemer fir eeler Mënsche stänneg ausgebaut muss ginn – ech mengen, d'Zuele beleeden dat. Do muss mer einfach vill Efforte maachen, fir datt mir herno am Alter oder och eis Elteren, wa se elo an den Alter kommen, gutt betreit ginn an datt et och genuch Plaze fir si gëtt.

Mam neien Heem zu Déifferdeng an dem nach lafende Bau zu Käerjeng kommen elo grad am Süden dräi nei Haier – an domadder zousätzlech Capacitéit – vu SERVIOR derbäi. Et ass och néideg, wann ee sech d'Estimatioun – an ech hunn et elo grad scho gesot – fir déi zukünft Bettzuelen ukuckt, déi d'IGSS berechent huet. Dese Berechnungen no wäert sech d'Zuel u Better, déi an den Heemer gebraucht ginn, an den nächsten 30 bis 40 Joer quasi verdräifachen. Donieft wäerten d'Uspréich un d'Betreiung an der Fleegehemer méi grouss ginn, och opgrond vun klammenden Alter an den domat oft méi ëmfangräiche Betreuungen, déi d'Mënschen dann och brauchen.

Här President, dës Betreiung brauch gutt ausgebildete Personal mat gudder Léin, dat a modernen Infrastruktur schaffen kann. Esou en Encadrement, bei deem sech Leit an deenen Heemer wuel fülle kënnen, kann an eisen Aen nëmmen iwwer eng net op Profit ausgleuchten Exploitation garantéiert ginn, also spréich vun ëffentlechen Acteuren oder vun ASBLen am soziale Beräich. Déi beschtméiglech Betreiung vun eeler Leit ass an eisen Aen awer nach ëmmer op kommunalem Niveau garantéiert.

Mir hunn net méi vill kommunal an interkommunal exploitéiert Heemer am Land, wou de Kader nach méi familiär ass, d'Ëmfeld an der Gemeng fir d'Leit sech duerch de lokale Charakter net ze staark ännert, wou nach op der Plaz gekacht gëtt a virun allem wou nach eng lokal demokratesch Kontrollfunktioun vun den Awunner an der Gemeng an de Leit am Heem iwwert de Gemengerot assuréiert ass. Et ass dese Modell, dee mir favorisieren an deen an eisen Aen och eng Retsch Avantagé par rapport zu enger grousser zentraliséierter Administratioun huet, wéi SERVIOR numol eng ass.

Här President, leider stelle mir awer fest, dass mat der Ënnerbréngung an der Versuergung vun eeler Mënschen ëmmer méi Geld verdéngt ka ginn. Och wa mir zu Lëtzebuerg – Stand haut – nach weineg privat Entrepreneuren an deem Gesellschaftsberäich hunn, sou ass et eng Tendenz, déi europawäit awer ëmmer méi wäit kreesser zitt. Mat den 220 Milliarden Euro ëffentleche Gelder, déi an Europa all Joer fir dës Services vun de Staaten investéiert ginn, bidden sech fir dës Entrepreneuren natierlech enorm Geschäftsfelder. Zu Lëtzebuerg ass entre-temps mat ORPEA och eng vun de ganz groussen Multinationallen aktiv, déi, wéi mer jo entre-temps wëssen, alles anescht wéi e gudder Ruff huet.

A wie brauch sech ze wonneren? Eeler Mënsche stelle fir esou riseg Entrepreneuren an éischter Linn e lukrativ Geschäft duer. Wéi soss kéimen déi Milliounengewënner zustanzen, déi do erausgepresst ginn? Grad an de leschte Jore mat enger Pandemie hunn déi grouss Multinationale Rekordgewënner agefuer. Mir hoffen op alle Fall, datt d'Heem vun ORPEA zu Märel fir Lëtzebuerg en isoléierte Fall bleift – mee leider zweifele mir awer dorunner. Dowéinst ass et ëmsou méi wichtig, datt de Projet de loi iwwert d'Qualitéit an deenen Haier e gutt duerschducht Gesetz gëtt an elo net einfach duerch d'Kommissioun geboxt gëtt. D'Deputéiert sollen hei kënnen hir parlamentaresch Aarbecht maachen a sech déi Zäit huelen, déi se och brauchen, fir den Text esou ze schreiwen, datt en hieb- a stéichfest ass an datt en déi Qualitéit, déi mer brauchen, fir e Mësswirtschaften ze verhënnere a fir bei esou groussen Entrepreneuren wéi ORPEA einfach ze verhënnere, datt se kënnen Schmu driewen, soen ech elo, an datt Leit erhéngere

gelooss gi respektiv an hirem eegenen Dreck leie gelooss ginn.

Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Cecchetti. An da wär et um honorabelen Här Marc Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Merci dem Claude Lamberty fir de gudden Schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech kéint elo nach eng Kéier en Exposé halen iwwer eis Parteipositoun an der Politik ronderëm d'Senioren, mee ech erspueren Iech dat. Hei schafe mer eng modern Struktur zu Rëmeleng, déi wierklech gebraucht gëtt. Mir wëssen et alleguerten: Am Süde ginn déi Better gebraucht, ginn déi Zëmmer gebraucht. Mir si frou, dass dat elo endlech an d'Rulle komm ass, soudass mir och wäerten eisen Accord ginn.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Minister fir Famill an Integratioun, den Här Max Hahn.

Prise de position du Gouvernement

M. Max Hahn, Ministre de la Famille et de l'Intégration | Merci, Här President. Haut ass e wichtigen Dag fir déi eeler Rëmelenger Leit, d'Leit aus dem Keeldall an d'Leit aus der ganzer Regioun, well en Dossier – an d'Virriedner hunn et schon zum Deel ugedeit –, deen eigentlech e ganz laange Baart huet, dee gëtt haut endlech Realitéit oder mer kommen deem op d'mannst mam Vott vun deem Projet ... – an ech mengen, dat kann ech scho virewechhuelen, well et gesäit esou aus, wéi wa mer hei eng Unanimitéit géife kréien, woufir ech Iech elo scho géif Merci soen.

SERVIOR baut e Fleegehem zu Rëmeleng – dat heescht dann „Neie Roude Fiels“ – um Site vum fréiere CIPA „Ale Roude Fiels“, also matzen a Rëmeleng; fir déi, déi zu Rëmeleng kënneg sinn.

Dese Site huet och eng Geschicht. Ier an de 60er-Jore an Altersheem dohinner komm ass, war et eng Klinik, wou eng Rei Better fir eeler Leit waren, also eng Geriatrie.

A bis 1965 war hei och eng Maternité, wou eng sëlleg Rëmelenger Leit waren. A wéi ech mer virun zwou Wochen zesumme mam Rëmelenger Buergermeeschter, mat de Leit vu SERVIOR an och mam Architekt de Projet ukucke war, wou ech och d'Chance hat, e bësse vum Albau dierfen am Bagger mat ofzerappen, huet dann de Buergermeeschter mer och verrodde, dass hie souguer an där Maternité do op d'Welt komm ass.

Wichtig ass awer och, dass dës Fleegehem am Zentrum vun der Uertschaft Rëmeleng bleift, also matzen an der Gesellschaft, well dat ass d'Plaz, wou och eis eeler Matbierger higeheieren. An et ass virun allem och wichtig, dass dat neit Gebai fäerdeg ass an déi nei Bewunner, déi eraplännere wäerten, sech hei och kënnen austausche mat den Awunner, déi op der Plaz wunnen zu Rëmeleng, an déi, déi op Rëmeleng kommen.

Well et wäert esou sinn, dass ganz vill Plazen, wéi zum Beispill de Park, de schéine Pad laanscht d'Keelbaach, wäerten accessibel sinn. An doriwwer eraus wäert och déi aner Säit vun der Keelbaach zesumme mat der Gemeng vu Rëmeleng eng intergenerationell Spillplaz entsto. Fräi nom Motto „hiren Alter liewen“ sollen dann déi eeler Leit hei och e flotten Austausch hu mat de méi jonke Generatiounen. E Projet, dee ganz flott ass a wou, wéi gesot, wäert eng Passerell iwwert d'Keelbaach geschaaft ginn, fir dann do kënnen op déi intergenerationell Spillplaz ze kommen a wou eeben den Austausch tëscht jonk an Al ka stattfannen.

Jo, den Neie Roude Fiels gëtt e ganz modernt Gebai. Déi 70 Kummeren, déi virdrun am Ale Roude Fiels waren, waren zwar gemittlecht, mee se ware kleng. An och wa se zwar mat engem Lavabo ekipéiert waren, sou waren d'Duschen an d'Toiletten hei an de Gäng. Sou Ekipementen sinn haut net méi denkbar.

D'Baby-Boomer, also déi Leit, déi tëscht dem Enn vum Zweete Weltkrich an der Mëtt vun de 60er-Jore op d'Welt komm sinn, wäerten déi nächst Generatioun vu Bewunner an den Alters- a Fleegeheemer sinn. A mir wëssen et: Dat ass eng Generatioun vu Leit, déi an eng Welt gebuer gi sinn, wou Modernitéit groussgeschriwwen ginn ass, an déi Leit hunn aner Uspréich un Alters- a Fleegeheemer. Dat heescht, datt mer, wa mer haut en Alters- respektiv Fleegehem plangen, deenen Attenten och musse gerecht ginn. Dofir sinn déi 120 Kummeren am Neie Roude Fiels méi grouss an all mat engem Buedzëmmer mat Dusch an Toilette ekipéiert, well dat ass haut de Standard.

Och eng gutt Internetkonnexioun an e Wifi-System, zum Beispill, gehéieren haut zum Ekipement vun esou engem Haus. Gradesou, wéi dat och an eisen Haier de Fall ass, do, wou mir doheem sinn.

„Doheem“, dat ass d'Stéchwuert, well den Neie Roude Fiels gëtt dat neit Doheem vun den zukünftigen Bewunner. En Doheem, wou si sech solle wuel fülle an hirem Alter an a Funktioun vun hire Méiglechkeeten da kënnen deem gerecht ginn an hiert Liewen hei kënnen genëssen a sech sollen dann och do wuel fülle.

Dofir ass den Neie Roude Fiels e Gebai mat vill Luucht, mat Terrassen a Loggiaen, mat engem groussen an helle Bannenhaff, mat engem geraimege Restaurant, enger Cafeteria a ganz ville Gemeinschaftsraum um Rez-de-chaussée an op deenen dräi Stäck. All d'Bewunner solle sech hei doheem fülle, ob se autonom a mobil sinn oder dependent an op Hëllef ugewise sinn oder och nach eng demenziell Erkrankung hunn. Dofir sinn nieft dem groussen Restaurant an der Cafeteria um Rez-de-chaussée, wou och d'Familljen an eebe justement och d'Leit aus der Gemeng kënnen e Patt huelle kommen oder e Maufel iesse kommen, op all Stack och nach Iesszëmmeren a Sejour virgesi fir déi Bewunner, déi eeben net méi sou mobil sinn. Och Therapien, Aktivitéitsraum, eng kleng Epicerie an e Coiffersalon gehéieren am neie Gebai derzou.

D'Gebai ass esou geduecht, dass et soll en Ekilibre erméiglechen tëscht engem Liewen an der Gemeinschaft, fir eebe justement d'Isolatioun am Alter ze vermeiden, an awer och der Méiglechkeet an dem Respekt vun der Privatsphär an den Zëmmeren.

Dass den Neie Roude Fiels d'Form vun engem Quadrat huet, erlaabt et och, dass d'Leit, déi demenziell erkrankt sinn an den Drang hunn, sech ze deambulieren – dat heescht, ëmmer erëm weiderzegoen –, dat hei an enger sougenannter „Endlosschleife“ kënnen och ouni Gefor maachen. Speziell fir déi Mënschen ass och de Bannenhaff eng securiséiert Plaz, fir kënnen ouni Risiko dobaussen an der frëscher Loft ze sinn. Well och dat ass Liewensqualitéit.

Den Neie Roude Fiels gëtt en nohaltegt Gebai, wat och de Mataarbechter déi besch Aarbechtskonditiounen wäert bidden. Et gëtt e Gebai vun der Energieklass Triple-A mat Fotovoltaikanlag, mat Waarmwaasser- notungsanlagen a souguer mat hybride Fotovoltaikmoduler, wat och eng Première gëtt fir SERVIOR op hire Gebaier.

Dat neit Haus ass dann och – an d'Madamm Asselborn huet et gesot – d'Aarbechtsplaz vum Personal, sief et am Soin, an der Restauratioun, an der Économie domestique, am Service technique oder eeben och an der Administratioun. Mir wëssen alleguer, wéi komplizéiert et haut ass, fir qualifizéiert Personal ze fannen an

ze fideliséieren. Dofir ass et ëmsou méi wichteg, dass d'Aarbechtskonditiounen stëmmen.

Fir d'Personal am Soin sinn d'Blocs fonctionnels – also d'Infirmier, de Raum fir d'Medikamenter, e kleng Reunionssall an d'Raim fir propper a knaschteg Wäsch – op all Stack zentral situéiert a mat interne Couloiren ekipéiert. Dës Organisatioun mécht d'Weeër, déi d'Mataarbechter all Dag maache mussen, méi kuerz. Doduerch gëtt d'Aarbecht méi effizient, an et ass méi Zäit, fir sech ëm d'Bewunner ze këmmen. Well dorëms geet et eis jo. Déi neist Ekipementer am Soin, an der Kichen an an der Technik wäerten och d'Aarbechtskonditiounen vum Mataarbechter verbesseren.

Den Ale Roude Fiels war wuel en almoudescht an net gutt ekipéiert Haus, mee et war en Haus voller Charme an en Haus mat enger Séil, an deem d'Bewunner sech wuel gefillt hunn. Et war net einfach, aus deem alen Haus erauszepënnen. A vill vun de Bewunner an och dem Personal hu sech schwéiergedoen, wéi et geheescht huet, ab dem leschem November op de Woier an dat neit SERVIOIR-Gebai, wat mer dann hei viru plus/minus fënnf Joer am Haus konnte stëmmen, ze pënnen.

Dat neit Haus wäert och seng eegen Identitéit a säi Charme kréien: duerch d'Bewunner, duerch d'Personal an och duerch d'Amicale vun de Benevole vum Ale Roude Fiels, déi bestoe bleift an dann d'Amicale vum Neie Roude Fiels gëtt. Och d'Aktivitéiten an d'Fester, selbstverständlech, wäerten d'Identitéit vum neien Haus mat prägen.

Dir Dammen an Hären Deputéiert, de Projet vum Neie Roude Fiels, deen haut hei diskutéiert ginn ass an iwwert deen Dir elo ofstëmme wäert, ass e Projet fir eis eeler Leit vu Rëmeleng, aus dem Keeldall an aus der ganzer Émgegeng, a fir déi ass dee Projet hei immens wichteg – ech mengen, meng Virriedner hunn dat allegueren esou ënnerstrach.

Déi ronn 66,4 Milliounen Euro, déi dëse Projet kascht, investéiert de Staat an d'Wuelbefannen an an d'Liewensqualitéit vun deene Leit, déi eist Land an de leschte Joerzëngt gepräagt hunn an déi déi lescht Etapp vun hirem Liewen am Neie Roude Fiels zu Rëmeleng verbréngen. Dat ass gutt investéiert Geld. An ech sinn iwwerzeugt, dass den Neie Roude Fiels zu Rëmeleng e liewegt Haus mat enger eegener Identitéit a virun allem och mat enger Séil gëtt.

Et sinn e puer Froen opgeworf ginn, zum Beispill, wat d'Bezielbarkeet vun esou Strukturen ugeet. Do wësst Der, dass et den Accueil gérontologique gëtt. An do war et eis am Haus ganz wichteg ... an dofir gouf dat och am Koalitionsaccord festgehalen. E Projet, deen och um Instanzewege ass, dat ass nämlech den Accueil gérontologique, wou et eebe grad drëms geet, fir deene Leit, déi Schwieregkeeten hunn, sech dat ze leeschten, ënnert d'Ärm ze gräifen. Dat geschitt och haut schonn, et ass just esou, dass mer mam neie Gesetz eigentlech do nach e Schratt méi wäit ginn, andeems mer soen, dass d'Täschegeld zum Beispill ausgeweit gëtt an dass eng gewëssen Zort un Zousatzprodukter, déi eigentlech extra kaschten, wéi zum Beispill Hygiëneseiten, och an Zukunft heivun ofgedeckt soll ginn.

Et ass gefrot ginn, wéi et allgemeng ausgesäit mat anere Projekten am Beräich vun den Alters- a Fleegeheemer. De Woier, wéi gesot, ass virun net allze laanger Zäit opgaange mat 200 Better. Do dernieft geet Äische gläich op, Stroossen, d'ALA vergréissert, Elysis zu Esch, d'Käerjenger Fleegeheem, zu Iechternach den Hospice civil, wou allkéiers nach Better derbäikommen. Et ass eng ganz Panoplie u Projekten, déi ech kéint opzielen. Et sinn am Ganzen 3.000, ongeféier 3.500 Better, déi hei bis 2031 zousätzlech wäerte geschaf ginn.

Da sinn ech nach gefrot ginn, wéi et ausgesäit mat de Geneemegungen, eng Fro, déi mer och an der Chamberskommissioun gestallt ginn ass. Et ass esou, dass d'Baugeneemegung vun der Gemeng de 5. Juli erakoum. De roude Punkt hängt och do. Et gesäit een net méi ganz vill ausser deem roude Punkt, well Stand virun zwee, dräi Deeg krut ech d'Foto geschéckt, dass de ganzen Albau ofgerappt wier. Do dernieft sinn nach Commodosdemanden ënnerwee, souwuel bei der Gemeng wéi och bei de verschiddenen Administratiounen. D'Permission de voirie ass ugefrot bei Ponts et chaussées.

D'Beem, d'Madamm Asselborn huet et och scho gesot, déi sinn Enn Februar – ganz wichteg, well dat ass e ganz wichtigen Termin, ab dem 1. März wier dat net méi gaang – nach ewechgeholl ginn. D'Creos wäert eng nei Ligne basse tension um Projet leeën. A wat de PAG/PAP ugeet, sou ass et esou, dass de PAG vun der Gemeng 2020 approvüert ginn ass. Den Terrain ass an enger sougenannter Zon PAP „quartier existant“, dofir huet net missen och fir deen heite Projet nach e separate PAP gemaach ginn.

Dann zu de Käschte nach vläicht ee Wuert: Den Här Spautz huet et gesot, dass 2013 eng Konventioun ënnerschriwwen ginn ass. E war eigentlech ganz bescheiden, well en hätt och kënne soe vun him selwer, well dat war, wéi hien zoustännege Minister war, wou déi Konventioun ënnerschriwwen ginn ass fir am Ganze 25,2 Milliounen Euro, baséierend op engem Forfait, deen deemools bezuelt ginn ass, vun 210.000 Euro pro Bett. Dat ass jo komplett iwwerducht ginn, dat wësst Der allegueren heibannen, dass dat net méi sou funktionéiert, dass eigentlech haut opgrond vum APD déi reell Käschten iwwerholl ginn. Dat war indexéiert deemools op de Bauindex, dee war deemools 552,23. Mam Bauindex vun haut wiere mer do scho bei 49 Milliounen, vun deenen een da misst schwätzen, wann een et wëilt vergläichen. D'Projeten – an Dir hutt et gesot –, déi sinn awer net vergläichbar, well, wéi gesot, de Projet ganz nei ausgeschafft ginn ass.

Dir wësst et och: D'Ufuerderunge haut vun de Ministere, sief et d'ITM, sief et d'Creos, den Environnement, d'Gestion de l'eau oder och d'Kultur zum Beispill, de CGDIS, d'Accessibilitésgesetz, dat mer virun enger Zäitchen hei gestëmmt hunn am Haus, all dat dréit natierlech och derzou bäi, dass déi Suen, déi zwar gutt investéiert sinn, dann natierlech och d'Projeten haut méi deier maachen. Mee ech mengen, vum Här, deen duerno nach zu engem wichtige Gesetz hei wäert schwätzen, do wäerte mer eppes Änlechens ze héiere kréien. Dann ass et och esou, dass de Familljeministère och d'Fotovoltaikanlagen zum Beispill ... an déi ganz energiegeteichte Mesürene dann och hei natierlech anerer sinn haut, wéi dat virun zéng Joer de Fall war.

Dëst gesot, géif ech Iech allegueren villmools Merci soe fir déi breet Zoustëmmung a fir Är Attentioun.

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Familljeminister Max Hahn. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8213. Den Text steet am Document parlementaire 8213².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8213 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fängt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmegeg ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf,

Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Marc Lies), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. André Bauler), Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Claude Lamberty) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par Mme Cécile Hemmen) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis ;

M. Roy Reding.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Den Här Hahn wëllt nach eppes soen.

M. Max Hahn, Ministre de la Famille et de l'Intégration | Jo, Här President, et deet mer ganz leed. Ech hu vergiess, d'Mercie lasszeginn, an dat ass awer ganz wichteg.

Plusieurs voix | A!

M. Max Hahn, Ministre de la Famille et de l'Intégration | Ech géif ganz gär ufänken, der Gemeng Rëmeleng Merci ze soe fir déi gutt Zesummenaarbecht, déi et hei iwwert déi Jore ginn ass. Natierlech de Leit am Familljeministère a selbstverständlech och menger Virgängerin, dem Corinne Cahen, där hirem Virgänger, dem Marc Spautz ...

(Exclamations et brouhaha)

... an deem senger Virgängerin, der Madamm Marie-Josée Jacobs. A selbstverständlech ... Jo, ech hat et gesot, den Dossier huet e laange Baart, Här Spautz, mee „Ehre, wem Ehre gebührt“, jiddereen huet probéiert, säin Deel derzou bäizedroen, dass mer haut do sinn, wou mer sinn.

(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)

Ech hat der Gemeng Rëmeleng als Alleréisch, Här Bartolomeo, Merci gesot. Soll ech dem Här Buergermeeschter nach separat ...? Wéi gesot, dee war mat mer och op der Plaz. Genau, dem neien an ale Buergermeeschter – do huet sech net vill gedoen, hunn ech mer soe gelooss –, wéi gesot, dee sech och nach Zäit geholl hat, fir mat mer op de Site ze goen. An ofschléissend nach dem Reporter Claude Lamberty, dem President vun der Kommissioun, ...

Plusieurs voix | A!

M. Max Hahn, Ministre de la Famille et de l'Intégration | ... e ganz grouse Merci fir seng zwee ganz explizitt Rapporten, déi mir et erlaabt hunn, mech vill méi kuerz ze faassen, wéi dat soss de Fall gewiescht wier.

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Familljeminister fir dës extreem wichteg Prezisiounen.